Permis de conduire « tracteur »

Wat hescht genau: Eegegewicht op der grooer Kart ?

Dat ass "en première approximation" d'Gewiicht, wann een dat eidelt Gefier op eng Bascule setzt. Déi genee Definitioun steet am Art.2, Rubrik 3.1., Punkt g).

« g) Masse à vide en ordre de marche ou masse à vide ou masse en ordre de marche d'un véhicule: la masse du véhicule carrossé à vide en ordre de marche avec, le cas échéant, le dispositif d'attelage, ainsi que le liquide de refroidissement, les lubrifiants, 90% du carburant, 100% des autres liquides, à l'exception des eaux usées, les outils, la roue de secours et le conducteur, dont la masse est fixée à 75 kg, et, pour les autobus et les autocars, le convoyeur, dont la masse est fixée à 75 kg, si une place de convoyeur est prévue dans le véhicule. »

Op dem certificat d' immatriculation ënnert Punkt G - masse en service (Art. 93bis.)

Wat hescht genau: Gesamtgewicht op der groer Kaart?

Dat ass dat Gewiicht, dat fir d'Gefier am beluedenen Zoustand NIE duerf iwwerschratt ginn. Déi genee Definitioun steet am Art.2, Rubrik 3.1., Punkt f)

„f) Masse maximale autorisée d'un véhicule: la masse maximale du véhicule à l'état chargé déclarée admissible par l'Etat dans lequel le véhicule est immatriculé ou mis en circulation. »

Op dem certificat d'immatriculation ënnert Punkt F.2 - masse maximale autorisée nationale (Art. 93bis.)

An der Belge muss en d'Nummerscheld vum Trakter och um Unhänger hun?

Do muss een bei de Belschen Autoritéite nofroen, wei do d'Gesetzgebung ass. Dat ass en effet a méi Länner esou de Fall (Lëtzebuerg huet déi Virschrëft net), an zwar ass dat aus Assurance-technische Grënn, well beim nogezuchene Gefier, dat net ugemellt ass, muss ëmmer d'Assurance vum 'véhicule tracteur' opkommen, wann eppes passéiert.

Gellt d'Begrenzung mat 16 Joer nach emmer 15 km em den Haff do wou den Trakter ugemeld as?

Nee déi gëllt net méi, déi ass ofgeschaaft (August 2015)

Sondergenehmigungen Lux,Belge,BRD wat fir eng wou gellteg?

Sondergenehmegungen vum Minister gëlle nëmmen fir de Grand-Duché de Luxembourg

Muss en d‘Trakterpapeire oder ev. eng Kopie emmer bei sech hun?

- Wann ee net méi weit wei 10 km vum Haff oder Entrepôt 'usuel ou normal' ewësch ass, da brauch ee keng Pabeieren dobäi ze hunn. D’ Pabeiere mussen awer um Haff sinn. (art. 70 vum Code de la route).

« Les dispositions de l’alinéa précédent *(présentation des documents de bord)* ne sont pas applicables au conducteur d’un tracteur ou d’un ensemble de véhicules couplés dont la traction est assurée par un tracteur, lorsqu’il circule dans un rayon de 10 km du lieu d’entrepôt normal de ce tracteur. Sur réquisition des agents chargés du contrôle de la circulation routière, le conducteur doit toutefois présenter, soit à son domicile, soit au lieu d’entrepôt du tracteur, tous les documents de bord prescrits. »

- Wann ee méi weit wei 10 km vum Haff ewësch ass, da muss een ëmmer seng document de bord an originaler Versioun dobäi hunn.

Ab wivil Meter brauch een eng Iwerbrett-Genehmigung ? 2,55 an 3 m ? Wat as dobei nach ze beuchten.

Fir een Trakter mat spezial equipement oder dee ee véhicule trainé nozitt, kann ee bis zu 3 m brétt fueren (Art. 3.) . Ab 3 m muss een eng Autorisatioun vum Ministere hunn (Art. 7.) Et muss een awer och d’ Dispositioun vum Art.44 . mat de Rückstrahler berücksichtegen, a ggf. och un déi Bedingungen, déi an der Autorisation ministérielle mat dra stinn.

Wei daks mussen dei Genehmigungen erneiert gin a wat kasten se ?

D'Genehmigung bei Iwwer-Dimensiounen brauche just nach bei der 1. Immatriculatioun vun engem Gefier ugefrot ze ginn, an déI genehmigung bleift da gülteg, sou laang wéi d'Gefier 'en ciculation' ass, also och am Fall vun enger spéiderer Transcriptioun op en neie Propriétaire (dee brauch da KENG nei Demande ze aachen), à condition (evidenterweis) datt an der Zwëschenzäit näischt un den Dimensioiune geännert gëtt (soss muss ggf. eng nei Genehmigung ugefrot ginn)

Generell gëtt fir d'Androe vun Iwwer-Dimensiounen (oder och vun Iwwer-Massen) gëtt generell eng Stonn 'travail en régie' verrechent (wou dann déi Zäit mat drann ass, déi eisen AGR-Expert brauch, fir den Avis un de Minister ze preparéieren, eist SEKR fir den Avis ze tippen, an den Direkter fir et eng Kéier nozekucken), also 88,40 EUR (TVA comprise) . Wa fir e Gefier e Kumul do ass vun Iwwer-Dimensionen a vun Iwwer-Masse gläichzäiteg, da ginn 2 Stonnen 'travail en régie' verrechent.